luxembourg
city tourist office

30, Place Guillaume II
L-1648 Luxembourg
Tel.: (+352) 22 28 09
touristinfo@lcto.lu
luxembourg-city.com

# SHOAH-GEDENKWEE AN DER STAD LËTZEBUERG

Se souvenir - comprendre - transmettre
MEMOSHOAH
Luxembourg asbl



izi.TRAVEL

Den zwou Stonne laange Shoah-Gedenkwee an der Stad Lëtzebuerg bitt en Abléck an d'Vernichtung vum jiddesche Liewen zu Lëtzebuerg duerch Nazi-Däitschland. D'Associatioun *MemoShoah Luxembourg* huet dëse Gedenkwee initiéiert, fir datt d'Schicksal vun de ronn 4.000 Jüddinnen a Judden, déi um Dag vum däitschen Iwwerfall zu Lëtzebuerg gelieft hunn, net vergiess gëtt. De Wee geet laanscht bekannten a manner bekannte Plazen, déi am Zesummenhang mat der Shoah zu Lëtzebuerg eng wichteg Roll gespillt hunn.

## SHOAH-GEDENKWEE AN DER STAD LËTZEBUERG

| | |
|---|---|
| **Highlights** | D'Geschicht vun der Stad Lëtzebuerg ënnert der Besetzung duerch Nazi-Däitschland |
| **Tour** | Ze Fouss |
| **Dauer & Längt** | 2 Stonnen / 3 km |
| **Audioguide** | izi.travel |
| **Méi Informatiounen** | memoshoah.lu<br>luxembourg-city.com |









**1 Stater Gare - Deportatiounen**

**2 ARBED-Gebai: 19, avenue de la Liberté: fréiere Sëtz vun der nazidäitscher Zivilver-waltung**

**3 Fréier jüddesch Schoul: 72, boulevard de la Pétrusse**

**4 Villa Pauly: 57, boulevard de la Pétrusse: fréiere Sëtz vun der Gestapo**

De Circuit fänkt virun der Plaque commémorative an der Verrière vun der Gare un.

### 1 Stater Gare

Vun de bal 4000 jiddeschen Awunner vu Lëtzebuerg, déi am Ufank vum Krich hei gelieft hunn, waren der um Enn vum Krich just nach 60 iwwregbliwwen, di a sougenannte „Mischehen" gelieft hunn. Um Dag vum däitschen Iwwerfall, dem 10. Mee 1940, sinn e puer Honnert jiddesch Familljen a Frankräich an an d'Belsch geflücht. Wéi am September 1940 d'Rassegesetzer an aner anti-jiddesch Decisioune geholl goufen, hunn nach ongeféier 1800 jiddesch Persounen hei gelieft. Ab deem Moment hunn d'Emigratiounen a, vum 16. Oktober 1941 un, d'Deportatiounen no Osten an d'Konzentratiouns- a Vernichtungslager ugefaangen. Am Ganze goufe 658 jiddesch Persounen direkt vun hei aus an den Osten deportéiert. 44 vun hinnen hunn d'Shoah iwwerlieft, wat enger Iwwerliewensquote vu 7% entsprécht. Insgesamt geet ee vu méi wéi 1300 jiddeschen Affer aus, déi beim däitschen Iwwerfall hei gelieft hunn an duerch den NS-Regimm ermuert goufen. Déijéineg, déi net vun hei aus deportéiert goufen, goufen a ville Fäll op hirer Flucht Richtung Belsch a Frankräich op Uerder vun den Däitsche vun der lokaler Police a vun der NS-Besatzungsmuecht opgegraff an a Vernichtungslager deportéiert.

Gitt d'Avenue de la Liberté („Nei Avenue") a Richtung Uewerstad bis bei d'Place des Martyrs erop.

### 2 ARBED-Gebai: 19, avenue de la Liberté: fréiere Sëtz vun der nazidäitscher Zivilverwaltung

Nom Amarsch vun den däitschen Truppen den 10. Mee 1940 gouf Lëtzebuerg ënner däitsch Militärverwaltung gesat, déi am August 1940 duerch eng däitsch Zivilverwaltung ofgeléist gouf. Den 21. Juli 1940 gëtt de Gustav Simon, den NSDAP-Gauleiter vum Gau Koblenz-Trier, den 1941 a „Gau-Moselland" ëmbenannt ginn ass, zum Chef vun der Zivilverwaltung (CdZ) Lëtzebuerg ernannt. Seng Aufgab ass d'Lëtzebuerger an déi däitsch Volksgemeinschaft ze integréieren, Lëtzebuerg vollstänneg ze germaniséieren an all Franséisches auszeläschen. D'Lëtzebuerger Institutioune ginn opgeléist. Als iwwerzeegten Antisemitt an Nationalsozialist wëll de Simon Lëtzebuerg sou séier wéi méiglech „judenrein" maachen. De Siège vun der Zivilverwaltung ass bis zur Liberatioun duerch d'US-Amerikaner den 10. September 1944 am Nordfliggel vum ARBED-Gebai. Ab dem 6. September 1940 féiert de Simon d'Nürnberger Rassegesetzer an, hëlt déi éischt Decisiounen iwwert d'jiddesch Verméigen („Ariséierung"). Et kommen ëmmer méi anti-jüddesch Moossnamen derbäi.

Gitt d'Avenue de la Liberté weider erop a gitt lénks an d'Rue Goethe.

### 3 Fréier jüddesch Schoul: 72, boulevard de la Pétrusse

Am Ufank vum Schouljoer 1940/41 goufe sämtlech Schoulen am Land opgefuerdert, Lëschte mat den Nimm vun de jiddesche Schülerinnen a Schüler opzestellen. Vum 1. November 1940 u si si vum Unterrecht an den ëffentleche Schoulen ausgeschloss ginn. Jiddesch Kanner vu 6-16 Joer hu missen an eng jiddesch Volleksschoul goen. Vu datt ee Mangel u Léierpersonal bestoung, konnt de Consistoire nëmmen eng Schoul grënnen a bedreiwen. Déi war am Haus 74 Petrusring (haut 72, boulevard de la Pétrusse), an engem Gebai, dat vun der jiddescher Kultusgemeng virum Krich als kulturellen Zentrum a Gebietshaus fir Emigranten aus dem Oste benotzt gouf an „Beth Am Ivri" genannt gouf - wat „Haus vum Vollek Israel" bedeit huet. Hei goufen 3 Klassesäll geschaf. Am Ufank waren et tëschent 80 an 100 jiddesch Jongen a Meedercher am Alter tëschent 6 a 14 Joer. Den Unterrecht ass a gemëschte Klassen ofgehale ginn, all Kéier 2 Joergäng zesummen. Duerch



**5 Al Synagog (Eck Rue Aldringen/ Rue Notre-Dame, géigeniwwer vum Casino)**




**6 Albert Nussbaum: de Lëtzebuerger Emigratiounshelfer (fréiert Kleedergeschäft "Palais de l'Habillement": 13, rue du Marché-aux-Herbes)**



**7 Synagog vun 1823: 6, rue de la Congrégation**




**8 Kaddish Monument fir d'Affer vun der Shoah, Boulevard Roosevelt**

Ausweisungen, Emigratioun a Flucht bestoung eng héich Fluktuatioun bei der Schoulpopulatioun. D'Mëttel vun der Schoul ware knapp: De Mangel u Schoulpersonal, u Material an déi bürokratesch Virschrëften hunn d'Léiere schwéier gemaach. Vu datt et de jiddesche Persoune verbuede war ëffentlech Plazen, Stroossen a Weeër tëschent 19.00 a 7.00 Auer ze betrieden, hunn misse „Sondergenehmigungen" ugefrot gi, fir datt d'Schüler an d'Léierpersonal konnte mat Zäiten an der Schoul sinn. De Léierprogramm war remarkabel: Am Géigesaz zu den ëffentleche Schoulen, wou Franséisch verbuede war, gouf et ab der 3. Klass Franséisch an ab der 6. Englesch. Déi Decisioun war en vue vun enger Emigratioun gerechtfäerdegt.

Gitt weider um Boulevard de la Pétrusse.
D'Villa Pauly befënnt sech op Ärer lénker Säit.

## 4 Villa Pauly - fréiere Sëtz vun der Gestapo: 57, boulevard de la Pétrusse

D'Villa Pauly ass 1923 vum Lëtzebuerger Chirurg Dr. Norbert Pauly gebaut ginn an ass ursprénglech vun him als Wunneng an als Cabinet médical genotzt ginn. Wéi déi däitsch Truppe Lëtzebuerg den 10. Mee 1940 iwwerfall hunn, war hien am Süde vu Frankräich an der Vakanz. Wéi hien am spéide Summer heem koum, ass hie gewuer ginn, datt d'Gestapo - déi „Geheim Staatspolizei" - seng Villa beschlagnaamt hat. Géint säi Wëllen huet hie missen d'Villa un d'Besatzungsmuecht verlounen. Niewent dem Haaptsëtz an der Villa Pauly gouf et wärend der Besatzung nach zwou Aussestelle vun der Gestapo zu Esch an zu Dikrech.
D'Villa Pauly gouf zum Symbol vum Nazi-Terror zu Lëtzebuerg: Hei goufen déi Persoune verhéiert, déi verdächtegt goufen, géint den Nationalsozialismus ze sinn. Déi verwëllleft Kellere goufe fir Verhéier a Folter benotzt. Wärend der Nazi-Occupatioun goufen et och e puer Prisongszellen, déi nom Krich net erhale blouwen. Iwwerliewend erzielen, datt se kappiwwer un Heizungsréier opgehaange goufen oder mat enger Peitsch geschloe goufen. No engem éischte brutale Verhéier hate vill Prisonéier Schwieregkeeten, d'Trap vum Keller op déi iewescht Stäck eropzegoen, wat zu weidere Fousstrëtter an aner Mësshandlunge gefouert huet. Ronn 1500 Leit, déi verdächtegt goufen, géint den Nationalsozialismus ze agéieren, goufe vun der Gestapo an d'Konzentratiounslager zu Hinzert bei Tréier deportéiert. D'Erfaassung an d'Deportatioun vun de Jüddinnen a Judden, déi zu Lëtzebuerg gewunnt hunn, goufen och an der Villa Pauly organiséiert.

Gitt bis bei d'Place de Metz, gitt iwwer de Pont Adolphe an da riets an d'Rue Notre-Dame.

## 5 Al Synagog (Eck Rue Aldringen/Rue Notre-Dame, géigeniwwer vum Casino)

Déi éischt Synagog zu Lëtzebuerg säit der Expulsioun vun de Judden a viregte Joerhonnerten, gouf 1823 ageweit a stoung net wäit vum Shoah Memorial «Kaddish», dat 2018 ageweit gouf. Nofollger gouf déi vill méi grouss Synagog, déi 1894 hier Dieren opgemaach huet, an nieft der Aldringerplaz, vis-à-vis vum Casino-Gebai an der Rue Notre-Dame (Ënneschtgaass) situéiert war.
D'Synagog gouf op Uerder vun de Nazie vun August bis Oktober 1941 ofgerappt. Virdru war si bei e puer Geleeënheeten d'Zil vun antisemitteschen Attacken: Schonn ier déi däitsch Truppen am Mee 1940 amarschéiert sinn, war d'Gebai am September 1938 mat Hakekräizer an antisemittesche Slogane beschmiert ginn. Am Ufank vun der Besatzung goufen d'Fënstere vun der Synagog e puermol agehäit. Dat huet derzou gefouert, datt souguer Wehrmacht-Zaldote wärend e puer Wochen d'Synagog hu misse bewaachen. Nodeems den 28. Februar 1941 eng Brandstëftung duerch Onbekannter gescheitert war, gouf d'Synagog den 9. Mee

1941, wärend engem Gottesdéngscht vu Membere vun engem *Stousstrupp* vun der *Volksdeutscher Bewegung* - enger lëtzebuergescher Naziorganisatioun - gestiermt.
Eng Attack op de Groussrabbiner Dr. Serebrenik vu lokalen Nationalsozialisten eng Woch méi spéit op oppener Strooss gouf vun den Däitschen als Geleeënheet genotzt, fir d'Synagog endgülteg ofzerappen. D'Sich no enger Firma, déi bereet war d'Demolitiounsaarbechte ze maachen, war méi schwéier ewéi erwaart. Schliisslech huet d'Firma *Lucius* eng Offer gemaach, déi mat 21.000 Reichsmark déi bëllegst vun zwou Offere war. Am Hierscht 1941 waren d'Demolitiounsaarbechte gréisstendeels fäerdeg. D'Steng, déi iwwregbliwwe sinn, louchen anscheinend nach e puer Joer op dem Terrain, wat zu der falscher Thees gefouert huet, datt d'Ofrappe vun 1941 bis 1943 gedauert hätt.
Déi nei Synagog vun der Stad Lëtzebuerg ass op Nummer 45 an der Avenue Monterey a gouf 1953 ageweit.

Gitt weider op der Rue Notre-Dame a béit lénks an d'Rue du Fossé of. Op der drëtter Kräizung gitt Dir fir d'éischt riets an d'Grand-Rue an da riets a Richtung vum Marché-aux-Herbes.

### 6 Albert Nussbaum: de Lëtzebuerger Emigratiounshelfer

Den Albert Nussbaum gouf de 4. Februar 1898 zu Monneren bei Diddenuewe gebuer. Kuerz no senger Gebuert ass d'Famill op Déifferdeng geplënnert, wou säi Papp, de Gustave Nussbaum, en Textilgeschäft opgemaach huet. Nom Doud vum Gustave Nussbaum am Joer 1929, ass d'Famill an d'Stad geplënnert, wou hien en neit Kleedergeschäft ënner dem Numm „Palais de l'Habillement" um Krautmaart op Nummer 13 (Rue du Marché-aux-Herbes) opgemaach hat. Den Albert Nussbaum huet sech em d'Geschäft gekëmmert. 1935 huet hien di Lëtzebuergesch Nationalitéit ugeholl. Hien huet sech am jiddesche Consistoire engagéiert. Nom däitschen Amarsch stoung den Nussbaum als President vum Consistoire an a senger Roll als Tresorier vun der ESRA, dem jiddeschen Hëllefscomité vum Consistoire, am enke Kontakt mat der Lëtzebuerger Verwaltungskommissioun. D'Verwaltungskommissioun, déi aus héije Lëtzebuerger Beamte bestanen huet, war nom däitschen Amarsch an d'Liewe geruff ginn an huet wärend den éischte sechs Méint vun der Occupatioun als Interlocuteur mam Nazi-Okkupant gedéngt. D'Verwaltungskommissioun huet no Weeër gesicht, fir Lëtzebuerger Judden a Jüddinnen et méiglech ze maachen, d'Land ze verloossen. Den Nussbaum war an dem Kontext e ganz wichtegen Intermediaire. Hien ass zu engem reegelrechten Organisateur vun der jiddescher Emigratioun ginn. Am Juli 1940 ass de Plang entstanen, fir dass all Jüddinnen a Judden, déi e Visa konnte kréien, via Portugal an Nord- an a Südamerika sollten auswanderen. Vun August 1940 un huet den Nussbaum du verschidde Gruppe vun Emigrante vu Lëtzebuerg a Portugal begleet. Insgesamt sinn esou méi wéi dausend Jüddinnen a Judde vu Lëtzebuerg gerett ginn, virun allem duerch dem Albert Nussbaum säin Engagement a säin effizient Netzwierk, souwéi duerch seng Verbindunge mat der Lëtzebuerger Exilregierung.

Trëppelt laanscht de Palais bis bei de Lëtzebuerg City Museum. Gitt riets erop op d'Place de Clairefontaine a riichtaus an d'Rue de la Congrégation.

### 7 D'Synagog vun 1823: 6, rue de la Congrégation

1821 huet di kleng jiddesch Communautéit an der Stad Lëtzebuerg een Haus an der Rue du Séminaire kaaft, dat als Synagog ageriicht ginn ass. 1823 war d'Aweiung vun döser Synagog, déi vum Pinhas Godchaux gefouert gouf a ronn 100 Sëtzplazen hat. Den Däitsch-Franséische Krich vun 1870 huet zu enger staarker Well vun der jiddescher Immigratioun gefouert an d'Synagog ass séier un hir Capacitéite gestouss.
Déi éischt Schrëtt fir eng nei Synagog ze bauen, goufe schonn 1876 ënnerholl. De Grondstee vun der neier Synagog an der Rue Notre-Dame (Ënneschtgaass) gouf awer eréischt 1893 geluecht. Bis 1894 war d'Synagog vun 1823 a Betrib. Vun hier ass nëmmen ee Bild vum Moler a spéidere Shoah-Affer Guido Oppenheim erhale bliwwen, dat den Interieur vun der Synagog duerstellt an ufanks den 1890er gemoolt gouf. Nom Ausbau vun der Schoul an dem Meederchersinternat „Sainte-Sophie" ass d'Gebai verschwonnen. Eng Gedenkplack an der direkter Ëmgéigend vum „Hôtel de Bourgogne" an der Rue de la Congrégation - dem laangjärege Sëtz vum Lëtzebuerger Premier - erënnert un des Synagog an domat un d'Renaissance vum jiddesche Liewen zu Lëtzebuerg.

Um Enn vun der Strooss riets op den Boulevard F.D. Roosevelt ofbéien. D'Kaddish Monument ass op Ärer rietser Säit.

### 8 Kaddish Monument fir d'Affer vun der Shoah, Boulevard Roosevelt


D'Monument fir d'Affer vun der Shoah gouf de 17. Juni 2018 ageweit, 75 Joer no der leschter Deportatioun vu Lëtzebuerger Jüddinnen a Judden no Osten. Et erënnert un d'Verfolgung, d'Deportatioun an d'Ermuerdung vun de Jüddinnen a Judden, déi zu Lëtzebuerg gewunnt hunn an un déi, déi Enn vun den 1930er Jore vrun der Nazi-Diktatur op Lëtzebuerg geflücht sinn. Et erënnert och un déi Jüddinnen a Judde vu Lëtzebuerg, déi aus Frankräich an aus der Belsch op Auschwitz deportéiert goufen an déi, déi an der franséischer a belscher Resistenz géint Nazi-Däitschland gefall sinn. De Site vum Monument ass nëmmen e Puer Schrëtt ewech vum Emplacement vun der Synagog, déi 1823 ageweit ginn ass. Déi gro-rosa Granitskulptur gouf vum franko-israelesche Kënschtler Shelomo Selinger entworf a geschaf. 1928 a Polen gebuer, huet de Shelomo Selinger 9 Konzentratiounslager an 2 Doudesmärsch iwwerlieft.

Enn vum Tour

izi.TRAVEL

luxembourg city tourist office

Lued d'izi.TRAVEL-App op Äre Smartphone erof. Wann d'App op ass, klickt op de QR-Code Knäppchen a scannt de Code.




**Impressum**
Editeur: Luxembourg City Tourist Office a.s.b.l. | N.° IVA: LU15621823 – R.C.S. Luxembourg | Iddi a Konzept: MemoShoah Luxembourg ASBL | Text: Vera Dockendorf, Mil Lorang | Fotoen: Bob Goerens, Mil Lorang, Tony Krier, Photothèque de la Ville de Luxembourg, Private Collection. | Layout: binsfeld | 10-2022 | ISBN 978-2-49672-092-1